N°6391
Reçu le 07.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6391 vum 22. Juni 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen**

**Ad Fro 1):**

Et ass net méiglech eng generell Äntwert op dës Fro ze ginn, well d'Police keen Zentralregister fir esou Stonnen huet. Heifir missten all eenzel Asätz recherchéiert ginn an d'Stonnen vun den Agenten individuell zesumme gerechent ginn.
Zousätzlech Informatiounen zum Calcul vun Arbeschtstonnen befanne sech an den Äntwerten hei drënner.

**Ad Froen 2) 3) 4):**

D'Aféiere vum sougenannten Zäitspuerkont (CET), huet eng quasi individualiséiert Gestioun vun de geleeschten Iwwerstonne mat sech bruecht. Et ass schwéier nozevollzéien ob déi Stonnen, déi spezifesch am Kader vun de genannte Manifestatioune geleescht gi sinn, um Enn vum concernéierte Mount ausbezuelt ginn, wärend deem Mount erageholl gi sinn, respektiv weiderhin um Zäitspuerkont sti fir se am Laf vun der Carrière eranzehuelen, oder ob se um Moment vun der Pensioun ausbezuelt ginn.

Erschwéierend kënnt ënner anerem derbäi, dass Iwwerstonnen déi eventuell wärend deem Mount geleescht goufen, déi awer net mat de Manifestatioune verbonne sinn, an d'Comptabilisatioun vun deem concernéierte Mount afléissen.

Et kann een also just festhalen, dass all concernéierte Member vun der Police d'Iwwerstonne comptabiliséiert kritt, dass keng verluer geet an dass se 'kompenséiert' kenne ginn, ënnert där Form déi de concernéierte Member am beschten arrangéiert.

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX